ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. Dezember 2020

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Ewéi de Gesondheetsministère géintiwwer der Online-Zeitung *Reporter* bestätegt huet, huet Lëtzebuerg e Vertrag mam US-Pharmakonzern Gilead ofgeschloss, fir eng bestëmmten Unzuel un Dosen „Remdesivir" ze bestellen, e Medikament, dat géint Covid-19 hëllefe sollt. Dem *Reporter* no soll eng Dosis vun deem Medikament 1900 Euro kaschten.

Opgrond vun enger groussugeluechter Studie duerch d'Weltgesondheetsorganisatioun (WHO), mam Numm „Solidarity", hat d'WHO offiziell vum Gebrauch vu Remdesivir géint Covid19 ofgeroden, wat sech och bis haut nach net geännert huet. Laut der WHO hätt sech erausgestallt, datt Remdesivir de Verlaf vun der Krankheet oder d'Iwwerliewenschancen net verbessere géif. An deem Zesummenhang sief och gesot, datt esouwuel de Centre Hospitalier du Luxembourg (CHL) ewéi och d'Hôpitaux Robert Schumann (HRS) un der „Discovery"-Studie deelhuelen, bei där och d'Medikament Remdesivir Géigestand vun der Studie ass, an där hir Tëscheresultater an déi virdu genannte groussugeluechte Studie vun der WHO agefloss sinn.

Och an engem Artikel vum *Tageblatt* konnt een den 10.12.2020 liesen, datt d'Regierung dat Medikament bei zwou Geleeënheete bestallt huet. Opgrond vun enger Klausel am Vertrag mam amerikaneschen Hiersteller Gilead, dierft d'Regierung d'Unzuel vun den Dosen, déi Lëtzebuerg kaf huet, awer net ëffentlech maachen. Aner Staaten dogéint géingen awer kee Geheimnis aus dëser Informatioun maachen.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Gesondheetsminister:

1. Wéi vill Dose Remdesivir huet Lëtzebuerg bestallt an zu wat fir engem Gesamtpräis?
2. Stëmmt et, datt esou eng Vertragsklausel besteet, déi der Regierung verbitt, d'Unzuel vun de gekaaften Dose matzedeelen? Wa jo, wat ass de Grond, datt esou eng Klausel opgesat ginn ass? Erlaabt dës Klausel der Regierung, déi betreffend Informatioun un d'Chamber ze ginn? Wann nee, wéi ass dëst ze rechtfäerdegen, wou d'Chamber jo d'Recht huet, d'Regierung ze kontrolléieren?
3. War der Regierung dee Moment, wou si Remdesivir bestallt huet, bekannt, datt d'WHO vum Gebrauch vun deem Medikament ofréit? Wa jo, firwat huet d'Regierung dëst Medikament trotzdeem bestallt? Wann nee, wéi gedenkt d'Regierung elo op d'Recommandatioune vun der WHO ze reagéieren?

4. Duerch d'Deelhuelen un der Discovery-Studie konnten de Centre Hospitalier du Luxembourg (CHL) ewéi och d'Hôpitaux Robert Schumann (HRS) schonn éischt Erfarungen a Kenntnesser iwwert d'Wierksamkeet oder d'Onwierksamkeet vun deem Medikament sammelen. Stoung d'Regierung an dësem Kontext am Kontakt mat de Spideeler CHL an HRS, fir éischt Erfarungen a Constate betreffend d'Notzen an d'Wierksamkeet vu Remdesivir gewuer ze ginn? Wann nee, firwat net?

5. Wat fir Krittären applizéiert d'Regierung, fir eng Decisioun mat wëssenschaftlecher Grondlag ze huelen, wann et kontradiktoresch Aussoe vun unerkannten Autoritéiten am Medezinberäich wéi der WHO an dem Robert Koch Institut (RKI) gëtt, wéi et z.B. och am konkrete Fall vum Medikament Remdesivir zoutrëfft?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten